N°936
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Am Mäerz 2023 goufen op der A7 d'Streckeradaren an den Tunnellen a Betrib geholl. Mat dëse Streckeradare soll verhënnert ginn, dass d'Automobilist:innen mat enger ze héijer Vitess duerch d'Tunnelle fueren, fir esou Accidenter ze evitéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter goufen et op der A7 pro Joer bevir d'Radaren installéiert gi sinn a wéi vill Accidenter waren et no der Installatioun vun de Radaren?
2. Wéi vill Protokoller goufen zënter der Afféierung vun de Radaren ausgestallt, gestaffelt no de Kategorien bis 95 km/h, 95-100 km/h, 100-110 km/h, 110-130 km/h an iwwert 130 km/h?
3. Wéi vill Prozent vun de geblëtzten Autoe waren hei zu Lëtzebuerg immatrikuléiert a wéi vill dovu waren am Ausland ugemellt?
4. Ginn déi erlaabten Héchstgeschwindegkeet bei de Radaren an den Tunnellen automatesch ugepasst, wann déi erlaabte Vitess an den Tunnelle vun offizieller Säit, zum Beispill op 70 wéinst engem Stau, Chantier oder Accident, erofgesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten